N°5369
Reçue le 13.01.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5369 vum 9. Dezember 2021 vun dem éirewäerten Députéierten Här Fred Keup iwwert "Mesures de compensation dans le cadre de l'extension du tram"

Enn Oktober gouf déi zukünfteg Tramslinn Kierchbierg – Findel presentéiert. Am Kader vun de betreffenden Aarbechten gi laanscht d'Autobunn Richtung Sennengerbierg op enger Fläch vun 3,2 Hektar Beem gefält, fir dës nei Tramstrass ze erméiglechen. Als Kompensatiounsmoossnam dozou ginn an de Gemenge Jonglënster, Luerenzweiler, an Nidderaanwen Beem op enger Gesamtfläch vun 8,6 Hektar ugeplanzt.

1. **Sinn d'Buergermeeschtere vun deenen dräi mentionéierte Gemenge vun dëser Decisioun vum Ëmweltministère mat agbeonne ginn? Wann nee: Firwat ass dat net geschitt?**

D'Décisioun ass mat dem Arrêté n°CN85874 vum 26. Februar 2021, respektiv dem Complément vum 14. Juli 2021 dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte an der Societéit Luxtram S.A., souwéi als Informatioun der Ëmweltverwaltung, der Naturverwaltung an der Waasserverwaltung, matgedeelt ginn.

Den Tronçon vum Tram vum Kierchbierg op de Findel ass no de Modalitéiten vum Gesetz vum 29. Mee 2009 ("loi du 29 mai 2009 concernant l'évaluation des incidences sur l'environnement humain et naturel de certains projets routiers, ferroviaires et aéroportuaires") autoriséiert ginn. D'Gemengen si bei der Festleeung vun de Kompensatiounsmoossnamen net agebonnen. D'Kompensatioun fënnt och nët op Terrainen statt déi de Gemengen gehéieren. Et gëtt keng gesetzlech Virgab an esou engem Fall d'Gemengen anzebannen.

Konform zum Artikel 11 vum Gesetz vum 29. Mee 2009, respektiv konform zum Artikel 18 vum Gesetz vum 15. Mee 2018 ("loi du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement") hunn déi zwou uewen erwäänten Decisiounen an de concernéierten Gemengen missen vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten fir 30 Deeg dem Public zougänglech gemaach ginn. An de Konditiounen vun dësen Decisioune waren déi concernéiert Parzellen, an deenen d'Kompensatiounsplanzungen virgesi sinn, opgelëscht.

2. **Kann d'Madamm Minister preziséieren, wat fir Parzellen an deenen dräi Gemenge fir d'Neiplanzunge virgesi sinn?**

D'Parzellen op deene kompenséiert muss ginn, sinn am Arrêté vum 26. Februar 2021 an engem Complément zum Arrêté vum 14. Juli 2021 festgehal. Et handelt sech ëm folgend Parzellen, déi all am Staatsbesëtz sinn:

- Gemeng Nidderaanwen, section D de Ernster: 727/1581 et 747/0
- Gemeng Jonglënster, section RA de Rodenbourg: 354/0, 355/0, 356/0, 358/243, 359/1, 359/2, 359/3, 359/813, 360/169, 360/170
- Gemeng Luerenzweiler, section C de Bofferdange et Helmdange: 706/1439, 724/0, 727/1158, 727/1159, 728/0 an 729/0.

An der Tëschenzäit huet de Ministär fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten matgedeelt, datt et op Grond vu kontraktuellen Obligatiounen vum Staat géigeniwwer engem Proprietär zu enger Aennerung komm ass betreffend den dräi Parzellen 724/0, 727/1158, 727/1159 an der Gemeng Luerenzweiler. Als Ersatz wäerten zousätzlech Terrainen an der Géigend vum Mariendall an der Gemeng Helperknapp an e neien Arrêté matt opgeholl ginn. Di nei Terrainen leien och um lëtzebuerger Sandsteen an eegnen sech fir d'Neiuplanzung vun engem Buchebësch (*Asperulo-Fagetum*), deen an den lëtzebuerger Natura2000-Réseau matt opgeholl gëtt.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2022
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung